

Lëtzebuenger Guiden a Scouten  
Ekipp Native Village

Neihaischen, den 17. Abrëll 2020

## Auswierkungen vun der Corona-Pandemie op d'Aktivitéiten vun der Ekipp Native Village um Neihaischen

Léif Guiden, Scouten a Frënn vum Native Village Neihaischen,

De Virus COVID 19, deen di ganz Welt de Moment an eng Kris stierzt, huet natierlech och seim Afloss op vill Aktivitéiten vun der Ekipp Native Village. Mir sinn eis bewosst, dass keen de Moment viraus soen kann, wéi déi Kris sech weider entwéckelt. Natierlech hale mir eis eis och un d'Empfehlungen an d'Décisionen, déi d'Regierung hellt, fir des Kris ze managen. D'Gesondheet vun eis all huet de Moment absolut Prioritéit, an duerfir wësse mir nach net, wéini mir eis Guiden- a Scoutsaktivitéiten um Site Native Village erem lancéiere kennen.

Fir der aktueller Situatioun gerecht ze ginn an fir d'Zäit no der Corona-Pandemie esou lues virzebereeden, huet d'Ekipp Native Village - no Recksproch mam Verband - folgend Décisionen geholl:

All LGS-Aktivitéiten, déi bis den 15. Juli 2020 um Site Native Village virgesinn waren, ginn ofgesot. Dozou gehéieren de Bealtaine-Festival, verschidden Aktivitéiten fir lokal Gruppen, den Naturdag fir Wëllefcher, de BiberMUD, an de Formatiounsweekend „ Wat Boma a Bopa nach wossten“. An der Sommervakanz waren keng Aktivitéiten am Kader vum Native Village geplangt.

### Wéi geet et elo virun ?

An de leschte Wochen hu mir mat eise begrenzte Mëttelen probéiert, eis Zukunft no der Corona-Pandemie virzebereeden. Mir hunn verschidden Infrastrukturaarbechten um Site gemach, wéi z.B. raumen, de morschen Dach vum Keramikuewen ofbauen, eis Outdoor-Kichen nei aménagéieren, Feierholz preparéieren, ... Aner wichteg Infrastrukturaarbechten sollen an den nächsten Méint nach ofgeschloss ginn.

Duerch d'Ofsoen vun den uewen genannten Aktivitéiten, wëlle mir déi Zäitressourcen, déi do duerch frei ginn elo notzen fir:

- di ofgesoten Aktivitéiten fir d'nächst Joer ze plangen
- nei Aktivitéiten fir d'Saison 2020/2021 ze plangen
- nei a flott pädagogesch Kofferen auszeschaffen

- eis Präsenz a Mataarbecht bei nationalen Aktivitéiten wéi dem Naturdag, dem BiberMUD, de nationalen Campen bei Biber a Wëllefcher, ... virzubereeden

Dir gesitt, dass di nächst Guiden/Scoutssaison 2020/2021 gudd gefällt ass, an dofir brauche mir elo vill Virbereedungszeit, déi mir elo noutgedrongen duerch d'Kris och hunn.

### **Wat geschitt mat den ofgesoten Aktivitéiten vun der Ekipp Native Village?**

Nieft dem neie Programm fir 2020/2021, wëlle mir verschidden ofgesoten Aktivitéiten nohuelen, wéi z.B.:

- de CaraPioweekend „Zero Waste“.
- de Formatiounsweekend „Wat Boma a Bopa nach wossten“

Di nei Datumer fir des Aktivitéiten ginn nach zu engem spéideren Zäitpunkt matgedeelt.

### **Quo Vadis Bealtaine?**

Déi 9. Editioun vum Bealtaine-Festival gëtt op den Péngschtweekend 2021 (**22. - 23. Mee 2021**) verluecht. D'Virverkaafticketen vun dësem Joer, déi schon verkaaft goufen, sinn och 2021 nach gültig. Leider kenne mir d'Suen vun de verkaaften Ticketen net rembourséieren. D'Geld an d'Souchen vun de schon verkaaften Ticketen kennt dir an d'Géisserei schécken, respektiv et iwwerweisen op de Konto vun de Lëtzebuurger Guiden a Scouten c/o Projet Native Village 5, rue Munchen -Tesch L-2173 Luxembourg (BIL : LU42 0020 1828 0207 8500)

Fir dass mir awer duerno erëm an eisen Zweekjores-Rhythmus kommen, deen och wichteg ass, fir dass mir net a Konflikt mat längerfristeg geplangten Verbandsaktivitéiten kommen, ass och - wéi geplangt - 2022 e Bealtaine-Festival.

Mir sinn de Moment leider an der aussergewöhnlecher Situatioun vun enger Pandemie an déi erfuerdert dann och aussergewöhnlech Moosnamen. Dozou gehéieren Solidaritéit an Mënschlechkeet. Vill Guiden a Scouten hëllefden de Moment de vulnérable Leit beim Meeschteren vun hirem Alldag. Op dëser Plaz wëlle mir hinnen fir hiren Asaz Merci soen. Zesummen wäerte mir des Kris meeschteren an während der neier Guiden- a Scoutssaison bestëmmt vill flott Aktivitéiten erliewen.

Bleift gesond a respektéiert d'Consignë vun der Regierung an der Santé.

Mat beschte Guiden a Scoutsgrëss an am Numm vun der ganzer Ekipp Native Village

Tom Lahr